adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

QP N°2245

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:39, 20/05/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister vum Mëttelstand weiderzeleeden.

Vill Betriber aus dem Horesca-Secteur sinn, duerch de „Lockdown" an enger schwiereger finanzieller Situatioun. Et riskéiert zu engem massive Verloscht vun Aarbechtsplazen an zu sëllege Faillitten ze kommen.

Fir datt dem Secteur kuerzfristeg gehollef ka ginn huet d'ADR an der Chamber verlaangt datt d'TVA um alkoholesche Gedrénks vu 17 op 3% erofgeet, esou wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war. Och vun enger Rei Acteuren aus dem Horesca-Secteur ass et dës dréngend Fuerderung fir esou hir gréisser finanziell Verloschter, wéinstens zu engem Deel, nees opzefänken.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Plangt d'Regierung eng Baisse vun der TVA um alkoholesche Gedrénks fir d'Acteuren aus dem Horesca-Secteur?
2. Envisagéiert d'Regierung fir dës TVA vu 17 op 3% erofzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 10:52, 28/05/2020

Référence : 832x1870d

Luxembourg, le **28 MAI 2020**

**Concerne :** Question parlementaire n° 2245 du 15 mai 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant la baisse de la TVA pour les entreprises du secteur Horesca

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint une réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-00003-20040525-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vum Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n° 2245 vum 15. Mee 2020 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding bezüglech enger Baisse vun der TVA fir d'Betriber vum Horesca Secteur**

D'Regierung plangt keng Baisse vun der TVA um alkoholesche Gedrénks fir d'Acteuren aus dem Horesca-Secteur.